piraten.lu

N°4583
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Bei der Direction de l'immigration leeft aktuell eng Enquête am Zesummenhang mat presuméierter Korruptioun, illegaler Immigratioun a gefälschten Dokumenter.

Laut Informatiounen aus engem Artikel op reporter.lu vum 4ten August, dee sech op Geriichtsuerteeler an dësem Fall berifft, soll et an der Direction de l'Immigration Problemer beim interne Kontrollmechanismus ginn. An dësem Kontext goufe Problemer beim IT-System „AE-IMM" ernimmt, iwwert deen Dossieren am Beräich vun den Autorisations an Titres de séjour consultéiert a suivéiert kënne ginn an eng gréisser Zuel u Mataarbechter Zougang zu sensibelen Dossieren an administrativen Etappe vun Openthaltsprozeduren hunn oder haten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn am informatesche System „AE-IMM" systematesch Logfichiere gespäichert, aus deenen ervirgeet, wéi ee Benotzer zu wéi engem Zäitpunkt op wéi en Dossier zougegraff, Donnéeë consultéiert, geännert oder eng administrativ Etapp validéiert huet?

2. Wéi laang ginn dës Logfichiere gespäichert, wien huet Zougang dozou, a wéi gëtt garantéiert, datt dës Logfichieren net kënne manipuléiert oder geläscht ginn, ouni datt dëst selwer nees dokumentéiert gëtt?

3. Falls kee Logfile-System am IT-System existéieren, gouf bewosst op Logfiles verzicht a firwat gouf dëse System net genotzt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés